N° 390
Entrée le 17.01.2023
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITĒ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

**Här President,**

Am Kader vun der Froestonn vum 17.01.2023 wéilt ech der Ministesch fir Gesondheet eng mëndlech Fro stellen.

An Däitschland lafen aktuell Diskussiounen ëm d'Bluttspenden. Den aktuelle sozialdemokratesche Gesondheetsminister Karl Lauterbach wëll, dass d'Bluttspenden elo och fir homosexuell Männer soll méiglech gemaach ginn. Esou war et och 2021 am Koalitiounsvertrag vun der aktueller däitscher Regierung festgehale ginn. D'Argumentatioun am Debat ass: "Die sexuelle Orientierung und die Geschlechtsidentität dürfen keine Ausschluss- oder Rückstellungskriterien sein. Aktuell ass zu Lëtzebuerg virgesinn, dass homosexuell Männer kee Blutt däerfe spenden, an dat obwuel Bluttspender aktuell händeringend gesicht ginn. Homosexuell Männer däerfen aktuell just Plasma spenden an dat och just ënner gewësse Konditiounen, nämlech dass hire leschte sexuelle Kontakt méi wéi véier Méint hier ass. Am Regierungsaccord waren och vun der Lëtzebuerger Regierung Ännerunge bei de Reegele fir d'Bluttspende versprach ginn.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Madamm Ministesch dës Fro stellen:

Wat ass nach virum Enn vun dëser Legislaturperiod geplangt, fir dass d'Diskriminatioun géint iwwert homosexuelle Männer beim Bluttspenden endlech ophält?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten